



Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationminister weiderzeleeden.

Bei der Rentrée 2017 – 2018 ass et zu enger Rei vun Enkpäss komm, fir d'Poste vun Enseignante an der Grondschoul mat Titulaires ze besetzen. Fir datt trotzdeem d'Schouklasse konform mat der Schoulorganisatioun vun de Gemenge fonctionnéieren, ass zum Deel op de Pool vum Ersatzpersonal ("réserve des suppléants") zréckgegraff ginn, zum Deel si Leit ouni déi néideg Qualifikatiounen ("Chargéeën") agestellt ginn.

Dëst ass ënner anerem dorops zréck ze féieren, datt d'Zuel vun de Kandidate fir den Enseignement wäit ënner dem Zil leit deen de Staat sech ginn huet fir ze rekrutéieren. Dobäi ass awer virgesinn, am Staatsbudget fir 2018, datt honnerten nei Posten am Enseignement bäikommen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

- 1) Wéi héich ass den Undeel vu Chargéeën ënnert den Titulaires an der Grondschoul? Wéi huet dës Zuel an der leschte 5 Joer evoluéiert?
- 2) Wéi eng Efforte gi gemaach, fir kuerzfristeg genuch Personal an de Pool vum Ersatzpersonal ze rekrutéieren an ze forméieren?
- 3) Wéi gesäit et aktuell mat der Zuel vun den Enseignanten aus, déi als Ersatzpersonal an de Grondschoule sollen asprangen? Geet dës Zuel duer, fir eventuell op gréisser Ausfäll vun den Titulaires kënnen adequat ze reagéieren, z.B. bei enger Grippenepidemie?
- 4) Kënne gréisser Gemengen, wéi z.B. d'Stad Lëtzebuerg, nach an Eegeregie op en Deel vum Pool vum Ersatzpersonal zougräifen?
- 5) Huet de Ministère Zuelen, wéi vill Studenten am leschte Joer studéieren, déi eventuell a Fro komme fir de Rekrutement fir d'Rentrée 2018-2019? Gëtt ënnert dëse Studenten aktiv Prospektioun gemaach, fir dës fir eng Plaz am Enseignement ze begeeschten?
- 6) Wéi eng allgemeng Moossname plangt de Ministère, fir mëttelfristeg genuch qualifizéiert Personal fir d'Grondschoulen an de Secondaire ze rekrutéieren?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten



Luxembourg, le 14 décembre 2017

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes

L-1728 Luxembourg

Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 3413 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Ad 1)

D'Zuel vun de "chargés de Cours", déi d'Roll vum Titulaire ausfëllen, presentéiert sech folgendermoossen :

Schouljoer	2013/2014	2014/2015	2015/2016	2016/2017	2017/2018
Unzuel vun de "chargés-titulaires"	154	189	82	90	79
Unzuel vun de Klassen	3019	3079	3118	3187	3223
Prozentsaz "chargés-titulaires"	5.10%	6.14%	2.63%	2.82%	2.45%

Obwuel d'Unzuel vun de Klassen zolidd geklomm ass, ass nawell den Undeel vun de "chargés-titulaires" erofgaang. Bei wäitem déi grouss Majoritéit vu Klasse kruten als "titulaire de classe" een ausgebildeten Enseignant.

Ad 2)

Aktuell sinn d'Dossiere vu 463 Kandidaten am Gaang vu menge Servicer evaluéiert ze ginn en vue vun der Ausstellung vun enger Autorisation de stage. 145 Kandidate hun zanter dem Ufank vum Schouljoer de Stage fir Remplacementen ze maache mat Succès ofgeschloss a sti fir Remplacementen zur Verfügung.

Ad 3)

Zum jëtzege Zäitpunkt sinn 1128 Persounen als Remplaçant agedroen; wéi vill vun deene Leit och effektiv Remplacementer iwwerhuelen, ass leider net méiglech ze soen, well dobäi Studente sinn, déi nëmmen zu verschiddenen Zäite kënnen ersetzen.

Ad 4)

Deene Gemengen, déi hire Remplacement selwer assuréieren, goufen am Kader vun den Affectatiounen Enseignantent zougewisen, déi d'Roll vu "remplaçants permanents" iwwerhuelen; op dës Enseignantë kënnen déi betreffend Gemengen an Eegeregierung zougräifen. Et goufen allerdéngs net alleguer d'Plazen vu Remplaçants permanents besat.

Ad 5)

Un de Préliminaires zum Concours 2018 hunn 152 Studenten deelgeholl, déi aktuell am leschte Joer vum Bachelor-Studiegank ageschriwwen sinn, déi sech also am Fall, wou se d'Prélimaire packen, kënnen zum Concours umellen. Dobäi komme Studenten, déi schonn déi lescht Joren d'Prélimaire gepackt hunn an sech elo dem Concours wäerte stellen. Aus Dateschutzgrënn ass et verschiddenen Universitëiten oder Héichschoulen net méiglech menges Servicer matzedeelen, wéi vill Studenten, déi fir de Lëtzebuerger Enseignement a Fro kënnen, an de verschiddene Joren ageschriwwen sinn.

A handwritten signature in blue ink, consisting of a long horizontal stroke followed by a large, stylized loop and a final upward stroke.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse